



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. September 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech dës dringend parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Laut RTL-Informatiounen géif Fage sai Molkerei-Projet zu Lëtzebuerg ad acta ze leeën. Et hätt déi lescht Deeg nach Verhandlungen mam Wirtschaftsministère ginn.

Mir wéilten duerfir folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister stellen :

- Kann de Minister dës Informatiounen confirméieren ?
- Wat koom bei deene Verhandlungen zur Sprooch ?
- Huet déi betraffe Firma Grënn fir hire Réckzuch genannt ? Wa jo, wéi eng ?
- Wat gött aus den Terrainen, déi de Staat dem griichesche Jugurtsproduzent verkaf huet ? Plangt de Staat, déi nees zrëckzekafen an zu wéi engem Präis ?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten